CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
10 OCT. 2016
2457

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister, un den Här Educatiounsminister an un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

*ADHS, also Opmierksamkeetsstéierung oder Hyperaktivitéit, ass eng vun den heefegsten neurologesche Stéierung bei Kanner a Jugendlecher. Hautdesdaags ginn dës Stéierungen, wann se bei jonke Kanner diagnostizéiert ginn, relativ gutt a Betruecht gezunn, esouwuel fir de medezineschen a psychologesche Volet betrëfft, wéi och an der Schoul.*

*Leider gëtt et awer nach vill Problemer bei jonken Erwuessenen, esouwuel wann se schonns als Kand op ADHS behandelt gi sinn, wéi och wann de Diagnostik méi spéit opgestallt ginn ass.*

*Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:*

1) *Ass d'Madame Gesondheetsminister bereet, sech dofir anzesetzen, datt d'Hëllef déi Kanner kruten och fir déi jonk Erwuessener weider gefouert gëtt? Wa wéi, wéi eng konkret Moossname ginn do a Betruecht gezunn?*

2) *Ass d'Madame Gesondheetsminister bereet, spezifesch Behandlunge fir jugendlecher a jonk Erwuessener vun der Gesondheetskeess iwwerhuelen ze loossen, fir Medikamenter a fir déi psychologesch Behandlung, wéi z.B. en ADHS-Coach?*

3) *Ass en Här Educatiounsminister bereet, d'Hëllefe fir déi betraffenen iwwert de ganze Schoulzyklus bäizebehalen, dëst och fir Jugendlecher wou d'Diagnose relativ spéit opgestallt gëtt?*

4) *Ass en Här Héichschoulminister bereet, mat de Verantwortleche vun der Universitéit Récksprooch ze huelen, fir och Studente mat ADHS vun enger spezieller Betreiung zoukommen ze loossen, z.B. an der Rumm vun de verstännegen Amenagementer wéi se fir d'Grondschoul an de Secondaire bestëmmt sinn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé, de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ainsi que de Monsieur le Ministre délégué à l'Enseignement supérieur et à la Recherche, à la question parlementaire n° 2457 du 10 octobre 2016 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant le trouble du déficit de l'attention avec ou sans hyperactivité (TDAH / ADHS).**

*Ass d'Madame Gesondheetsminister bereet, sech dofir anzesetzen, datt d'Hëllef déi Kanner kruten och fir déi jonk Erwuessener weider gefouert gëtt? Wa wéi, wéi eng konkret Moossname ginn do a Betruecht gezunn?*

D' Diagnose vun der Opmierksamkeet-/Hyperaktivitéitsstéierung (ADHS) fanne mir am ICD (International Classification of Diseases) an den F-Diagnosen erëm: F90-F98 Verhalens- an emotional Stéierungen mat Ufank an der Kandheet an Jugend. Ouni Symptomer an der Kanner- oder Jugendzäit gëtt des Diagnose net bei Erwuessenen gestallt. D'Opstellen vun der Diagnose erfuerdert eng breet Anamnese an Heteroanamnese, eng kierperlech Ënnersichung, eng psychopathologesch oder klinesch Evaluatioun, eng testpsychologesch Diagnostik an eng Evaluatioun vun den psychosozialen Ëmstänn. Sou wéi d'Opstellen vun der Diagnose pluridisziplinaresch Professioneller (Noutwennegkeet vun verschiddenen Dokteren: Pédiater, Psychiater, Psycholog, Neurolog,...) erfuerdert, ass d'Prise en Charge och transdisziplinaresch noutwenneg (medikamentös, psychotherapeutesch, psychosomatesch, schoulesch, sozial,...). D'Ofklären vun der breeder Differentialdiagnose ass noutwenneg.

Niewent den Fachleit vun der Santé, hunn d'Fachleit vun der Educatioun all hier Plaz, wéi z.B. d'Equipe Multi-Professionell (EMP), d'Fachleit aus dem CPOS an den SPOS'en, oder den SCAP (Service de consultation et d'aide psychomotrice).

Wann d'Elteren oder déi concernéiert Persounen un d'Santésservicer untrieden, kréien si d'Hëllef déi noutwenneg ass. Besonnesch an dëse Situatiounen ass d'Vernetzung vun den Professionelle wichteg an d'Wéiderorientéieren muss ganzheetlech an iwwerluecht sinn.

D'Verstäerkung vun der interdisziplinarescher Zesummenaarbecht ronderëm d'Kand an den Jugendlechen ass nach ze maachen.
Jonk Erwuessener kënnen déi noutwenneg Behandlungen vun der Krankekeess oder vum ONE (Office National de la Jeunesse) afuerderen.
Bei jonken Erwuessenen ass sécherlech nach Formatioun an Sensibilisatiounsaarbecht ze maachen.

*Ass d'Madame Gesonheetsminister bereet, spezifesch Behandlunge fir jugendlecher a jonk Erwuessener vun der Gesondheetskees iwwerhuelen ze loosen, fir Medikamenter a fir déi psychologesch Behandlun, wéi z.B. en ADHS-Coach?*

D'Medikamenter ginn vun der Krankekeess en charge geholl wann d'Diagnose am Kandsalter festgestallt gëtt a gëtt dann och no 18 Joer weider en charge geholl. D'Gesetz iwwert den Beruff vum Psychotherapeut ass d'lescht Joer am Juli vun der Chamber adoptéiert ginn. Esoubal sech eng repräsentativ Grupp vu Psychotherapeuten forméiert huet, kann d'CNS ufänken iwert den Ofschloss vun enger Conventioun ze négociéieren waat eng Prise en charge vun enger psychotherapeutescher Behandlung iwerhaapt eréicht erméiglecht. Fir de Fall wou den ADHS-Coach Psycholog as, an sech d'Demarche an enger psychotherapeutescher Approche befënnt, kéint dëst an den Verhandlungen demno och virgesinn gin.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*Ass en Här Ecucatiounsminister bereet, d'Hëllefe fir déi betraffenen iwwert de ganze Schoulzyklus bäizebehalen, dëst och fir Jugendlecher wou d'Diagnose relativ spéit opgestallt gëtt ?*

Wann e Kand eng psychopädagogesch Hëllef an der Rumm vun der Schoul ze gutt huet, well bei him en ADHS festgestallt ginn ass, da sollt dat Kand déi adequat Hëllef kréien, egal wéini déi Diagnos erstallt gouf. Genee duerfir plangt d'Regierung d'Schafung vu Kompetenzzentren, fir dëser Flicht besser nokommen ze kënnen. Ma elo schonns gëllt dëst esou wuel fir déi Servicer, déi direkt vum Erzéiungsministère ofhänken wéi den Équipes multiprofessionnelles am Fondamental an de SPOS an de Lycéeën, wéi och fir de SCAP, dee vum Staat finanziell an och mat anere Ressourcen ënnerstëtzt gëtt. Wichteg ass eng pluridisziplinär Prise en charge. Et ass deemno och wichteg, mat de Spideeler zesummen ze schaffen, wou d'Leit dacks och am Erwuessenenalter begleet ginn.

*Ass en Här Héichschoulminister bereet, mat de Verantwortleche vun der Universitéit Récksprooch ze huelen, fir och Studente mat ADHS vun enger spezieller Betreiung zoukommen ze loossen, z.B. an der Rumm vun de verstännegen Amenagementer wéi se fir d'Grondschoul an de Secondaire bestëmmt sinn ?*

Am Kader vum Artikel 8 vum groussherzogleche Reglement vum 22. Mee 2006 iwwer d'Bachelor- an d'Masterstudiegäng op der Universitéit Lëtzebuerg kënnen déi Verantwortlech vun der Universitéit de Studente mat spezifesche Bedierfnisser gewëssen Derogatiounen accordéieren respektiv eng speziell Betreiung ubidden. An deem Kontext kann d'Universitéit d'Problematik vun enger spezieller Betreiung vu Studente mat ADHS analyséieren.